



D'Portal lifelong-learning gëtt vum INFPC, dem Nationalen Institut fir d'Entwécklung vun der berufflecher Weiderbildung, entwéckelt a geréiert. Den INFPC ass en éffentlechen Etablissement ënnert der Tutelle vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

Seng Missioun besteet doran, d'liewenslaangt Léiere bei allen Zilgruppen am Beräich vun der Formatioun ze förderen, egal ob et sech ëm Salariéen, Leit op der Sich no enger Aarbecht, Formatiounsinstituter, Akeefer vu Formatiounen oder Chef d'Entreprisen handelt.
All d'Informatioune sinn um Portal verfügbar an et gëtt och en Infoligne-Déngscht.

Infoligne: 26 20 40

infoligne@infpc.lu

INFPC
Institut national pour le développement
de la formation professionnelle continue
www.infpc.lu
www.lifelong-learning.lu

infpc
institut national
pour le développement
de la formation
professionnelle continue

Abrëll 2019

WOU FANNT DIR ÄR FORMATIOUN?

LIFELONG-LEARNING.LU

Iwwer 9.000 Formatiounen:
Sproochen, Informatik,
Finanzen, Bauwiesen,
Sécherheet...
Entwéckelt Är Kompetenze
weider

lifelong-learning.lu

infpc

Lifelong-learning.lu ass dat nationaalt Portal fir liewenslaangt Léieren, dat iwwer 9.000 Formatioune vu ronn 250 Formatiounsinstituter ubitt.

U wien adresséiere sech d'Formatiounen?

U Salariéen, Leit op der Sich no enger Aarbecht an allgemeng u jiddwer Persoun, déi sech weiderbilden oder hir Kenntnisser verdéiwe wëll.

Un Entreprisen, déi an d'Formatioun vun hire Mataarbechter investéieren, fir hir Performance an hir Kompetitivitéit ze verbesseren.

Wéi eng Formatiounen?

Formatiounen aus alle méigleche Beräicher.

- Landwirtschaft, Liewensmëttelindustrie
- Konschthandwierk, Konscht
- Handel, Verkaf, Horeca
- Kommunikatioun, Multimedia
- Bau, Ëmwelt, Energie
- Perséinlech a berufflech Entwécklung
- Finanzen, Assurancen, Droit
- Gestioun Entreprise, Ressources humaines
- Informatik, Telekommunikatioun
- Sproochen
- Mechanik, Elektrotechnik, Automatiséierung
- Qualitéit, Sécherheet
- Gesondheet, Soziale Beräich
- Wëssenschaften, Sozial- an Humanwëssenschaften
- Transformatioun vu Material a Produktiounsverwaltung
- Transport, Manutentioun

Si ginn an Dagescoursen, Coursë mat decaléierten Horairen, Owescoursen, Coursen iwwer de Weekend, Fernunterrecht oder am Kader vun der Erwuessenebildung ugebueden.

Si kënne vu kuerzer Dauer sinn oder sech, wéi am Fall vu verschiddene Formatiounen, déi mat engem Diplom ofschléissen, iwwer e puer Méint zéien.

Wéi eng Formatiounsinstituter si Member bei lifelong-learning?

Et handelt sech dobäi ëm agreéiert, ëffentlech, parastaatlech oder privat Formatiounsinstituter oder Instituter aus dem Veräinswiesen.

Wéi eng aner Informatioune fënnt een op lifelong-learning?

Dispositiffe fir d'Bäihëllefen, déi et am Beräich vun der Weiderbildung gëtt:
individuelle Formatiounscongé, Sproochecongé, Jugendcongé, Amenagement vun der Aarbechtszäit, Kofinanzement vun der Formatioun an de Betriber...

Informatiounen iwwer:
- d'liewenslaang Orientatioun,
- d'Validation des acquis de l'expérience (VAE),
- Etüden, Analysen an News am Beräich vum liewenslaange Léieren.